



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Sécurité intérieure

Luxembourg, le 28 JUL. 2021

A  
Monsieur le Ministre  
aux Relations avec le Parlement  
p.a. Service Central de Législation

**Objet : Question parlementaire n° 4535 du 22 juillet 2021 de Monsieur le Député Sven Clement**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,



Henri KOX

**Gemeinsam Äntwert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet an dem Här Pierre Gramegna, Finanzminister op d'parlamentaresch Fro n° 4535 vum 22. Juni 2021 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement iwwert "Ransomware Attacks"**

**Ad 1.):**

De präzise Fall vun der *Ransomware Attack* gött net eenzel statistesch erfaasst. D'Police kann do keng fiabel Zuele liwweren. Laut den Enquêteuren vun der Police Judiciaire ginn zur Zäit an der Matière ongeféier 5 - 10 Fäll pro Joer enquêtéiert.

**Ad 2.):**

D'Police kann dozou keng Donnéeë liwweren.

**Ad 3.):**

De beschte Rot ass, niewent opmierksame Mataarbechter, eng efficace Cyber Sécherheet ze hunn a regelméisseg Backupen ze maachen, déi géint esou Attacke schützen.

Wann een awer sollt vun esou enger Attack betraff sinn, soll een:

- als éischt den "nationalen CERT" (NCERT.LU) kontaktéieren. Eventuell ass schonns bekannt, wéi d'Donnéeën entschlësset / récupéréiert kënnen ginn.
- op dem Site [nomoreransom.org](http://nomoreransom.org), enger Kooperatioun tëschent Europol an Acteuren aus dem öffentlechen a private Secteur, iwwerpräiwen, ob et schonns eng Méiglechkeet gött, fir déi verschlësset Donnéeën ze entschlëssele.

Kontakt mat den 'Erpresser' ophuelen ass net recommandéiert, well et keng Garantie gött, dass d'Entschlësselung vun den Donnéeën nom Bezuelen och funktionéiert.

**Ad 4.):**

Betreffend dem honorabelen Deputéierten seng lescht Fro, ass fir d'alleréischt ze bemierken, dass dem Finanzministère d'Informatiounen vum lokalen Sender aus den USA weder bekannt nach iwwerpräifbar sinn.

Dee bei enger Persoun an hirem privaten Beräich duerch eng *Ransomware Attack* entstanene Schued ka net vun den Steieren ofgesaat ginn.

Falls eng Entreprise vun esou enger Attack viséiert ass, muss tëschent verschiddene Situatiounen distinguéiert ginn. Fraisen (z.B. Reparaturkäschten, Remplacemeter, etc.), déi esou entstanen sinn a net duerch den Ofschloss vun enger Versécherung gedeckt sinn, kënnen als betriblech Ausgaben steierlech ofgezu ginn souwäit d'Gesetz et an deene jeeweilege Fäll erlaabt.

Eventuellt Léisegeld ass steierlech net ofsetzbar well di gesetzlech Bedingung dofir, notamment datt déi exakt Identitéit vum Léisegeldempfänger bekannt a matgedeelt muss ginn, bei enger *Ransomware Attack* net erfëllt ass.

Wéinst dem Steiergeheimnis kann an dësem Kontext net iwwert eventuell konkret Fäll kommuniquéiert ginn an et existéiert och keng Statistik zu dësem Sujet.